REVUE MUSICALE DE L'UGDA

17-19.04.2020
European Big Band Event
Esch-sur-Alzette

24-26.04.2020
Theaterfestival
Soleuvre

28.04.2020
Concert commémoratif
en mémoire de S.A.R.
le Grand-Duc Jean
Philharmonie Luxembourg

Union Grand-Duc Adolphe
ugda

n° 1 – Mars 2020

Fédération
Rétrospective
Assemblées régionales
Congrès fédéral
L'UGDA en action
European Big Band Event
Theaterfestival
Concert commémoratif
Les sociétés en action
Les sociétés en fête
Manifestations
École de Musique
Rétrospective
Stages et formations
Concours
pour Jeunes Solistes

ARTIKUSS.LU 3, rue Jean Anen L-4413 **SOLEUVRE** (LXBG)

Klaus Hoffmann singt Brel

TICKETS
luxembourgticket.lu +352 47 08 95 - 1
Gemeng Suessem +352 59 30 75 - 1

KARSTEN JAHNKE KONZERTDIREKTION GMBH

GEMENG SUESSEM

18. März 20

Mittwoch **20.00** Uhr

ARTIKUSS

Le printemps en musique

Photo : ***Louise TRISTRAM***

Impressum - Sommaire 3

L'UGDA informe 4

Editorial 5

Un grand merci pour la confiance accordée

Adresses utiles 6

Rétrospective

Assemblées régionales de l'UGDA **7**
50 Joer UGDA Mutuelle **9**
50e Assemblée générale de la Mutuelle **11**
157e Congrès fédéral de l'UGDA **13**

L'UGDA en action

Assemblées régionales de l'UGDA **16**
European Big Band Event **19**
Theaterfestival 2020 **23**
Theaterfestival 2020 **23**
Soutenez les activités de la fédération Comité d'honneur/de patronage **27**
Concert commémoratif en mémoire de S.A.R. le Grand-Duc Jean **28**

Communiqués

UGDA-Angebot Musikmesse 2020 **32**
Piano days du 26 au 29 mars 2020 **42**
Sinfonisches Blasorchester Eifel-Ardennen **94**
News +++ Musikmesse **108**
Führungswechsel im Trifolion **109**

Interview

Marc Nickts, Gérant vun der SACEM **46**

Kritesch betruecht

Laurent Menager und die Chorkultur seiner Zeit **50**
Iwwer d'Kritik vum Museksgeschéien **56**
Das Vereinswesen in der Luxemburger Gesellschaft zu Beginn des 21. Jh. **58**

Ecole de Musique

Rétrospective

Konventioun mat der UGDA-Museksschoul **31**
Un Noël sensoriel **32**

Service volontaire européen 33

Stages et formations 35

L'école de musique en action

Le songe d'une nuite d'hiver **36**
Les concerts de l'Ecole de musique de mars à mai **36**

Concours pour Jeunes Solistes

Take Two To Six **38**
37e Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes - European competition for strings and chamber music **86**

NYWOL

Concert au Mierscher Kulturhaus **37**

Concerts at ArcA 39

Echanges internationaux

Cherchons des familles d'accueil **40**

Les sociétés en fêtes

100 Joer Fanfare Ste Cécile Héinescht **62**
Männerchouer Ste-Cécile Neiduerf-Weimeschhaff **64**
100 Joer Harmonie Municipale Mondorf-les-Bains **70**
Die Schöpfung - Joseph Haydn Ensemble vocal Ambitus Echternach **72**

Les sociétés en action

Musik Préizerdaul - Musikantenehrung **72**
Musik Gemeng Bauschelt UGDA-Auszeichnungen **74**
Rammerecher Pompjeesmusik UGDA-Medaillen **74**
Mit grossem Erfolg ins neue Jahr gestartet - HMEchternach **76**
Galaconcert "Legends and Stories" Harmonie Gemeng Mamer **78**
Concordia-The Voices Show-Concert "Best of 2009-2019" **80**
Kanner- a Jugendchouer Konsdref Chrëschtconcerten **82**
Harmonie Municipale Esch/Alzette Ein Denkmal für Heldinnen und starke Frauen **84**

Petites annonces

A vendre **90**
Postes vacants / Varia **92**

Calendrier des manifestations 98

Union Grand-Duc Adolphe

Fédération Nationale du Mouvement Associatif de la Musique Chorale et Instrumentale, du Folklore et du Théâtre du Grand-Duché de Luxembourg

Association sans but lucratif,

Établissement reconnu d'utilité publique par loi spéciale du 1er juin 1989

Fondée en 1863

Sous le Haut Patronage de Leurs Altesses Royales le Grand-Duc et la Grande-Duchesse

L'UGDA bénéficie du soutien financier du Ministère de la Culture

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

REVUE MUSICALE
3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN
Tél. : (+352) 46 25 36-1 / Fax : (+352) 47 14 40
E-mail : revue-musicale@ugda.lu
Internet : www.ugda.lu

Revue Musicale N° 1/2020

83e année

Lëtzebuerger Museks-Zeitung
Organe officiel de l'Union Grand-Duc Adolphe

Périodicité : trimestriel

Tirage : 14.500

Contrat P&T : I7UGDA

Courriel : revue-musicale@ugda.lu

Responsables de l'édition :
Bureau exécutif, Conseil d'administration et Direction de l'Ecole de musique de l'UGDA

Layout : Raoul Wilhelm, Claude Mousel

Imprimerie : printsolutions s.àr.l., Luxembourg

Administration, abonnement et publicité : Union Grand-Duc Adolphe

Prix par abonnement : 2,50 Euro

Distribution gratuite aux sociétaires des sociétés affiliées à l'UGDA, aux enseignants et aux élèves de l'Ecole de Musique de l'UGDA.

La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.

Les manuscrits publiés ne reflètent pas nécessairement la manière de voir de l'UGDA.

Prochaine édition : 8 juin 2020

En couverture : Luxembourg Jazz Orchestra (LJO)
(Photo : André Henrot)

MIXTE Papier issu de sources responsables FSC® C007428

NEWS

D'Revue Musicale an de Wartesäll

La Revue Musicale dans les salles d'attente

www.ugda.lu

D'***REVUE MUSICALE*** ass d'offiziellt Zeitung vun der «Union Grand-Duc Adolphe» (UGDA), der Federatioun vun alle Veräiner déi live op der Bün optrieden. Dat sinn Museks- a Gesangsveräiner, awer och Theaterveräiner, Danzgruppen, Big Band a Symphonie-Orchesteren, awer alles am net-professionelle Beräich am Benevolat.

D'Federatioun géif gären dës Aktivitéiten engem méi breede Publikum bekannt maachen. Dofir ass d'Verdeelung vun der Revue Musicale op Plazen ausgeweit ginn, wou Leit an enger Salle d'Attente sëtzen. Dës Verdeelung ass gratis.

Mir hoffen, dass eis Initiative e positiven Echo kritt, well an der Revue Musicale ginn all Joer iwwer 400 Manifestatiounen an eisen Uertschafte mat eise Veräiner annoncéiert. Leet se w.e.g dofir an äerer Salle d'Attente aus.

Sollt Dir net wëllen, dass mer lech eis Revue Musicale schécken, maacht eis einfach en Email op direction@ugda.lu mat ärem Numm an ärer Adress, da kënne mer lech vun eiser Lëscht sträichen.

Op der selwechter Adress kënnt Dir awer och froe fir méi Exemplaire vun der Revue Musicale oder e Gratis-Abonnement ze kréien. Dir kënnt bei eis och d'Tariffer fir d'Annoncë gewuer ginn.

Mir wënschen lech vill Freed bei der Lektüre vun eiser Revue Musicale.

La ***REVUE MUSICALE*** est l'organe officiel de l'Union Grand-Duc Adolphe (UGDA), la fédération nationale de tous les groupes amateur d'arts de la scène, à savoir les orchestres à vents, chorales, troupes théâtrales, groupes de danse, big bands et orchestres symphoniques.

Afin de mieux faire connaitre les activités de nos associations-membres, qui travaillent toutes dans le bénévolat, la distribution de la Revue Musicale a été étendue aux lieux où les gens doivent patienter en salle d'attente. Cette distribution est gratuite.

Espérant trouver une résonnance positive auprès de nos nouveaux lecteurs, nous vous prions de bien vouloir déposer notre Revue Musicale dans vos salles d'attente, car elle annonce chaque année plus de 400 manifestations avec nos associations dans toutes les localités du pays.

Si vous n'en voyez pas l'intérêt et désirez être sorti de notre liste de distribution, nous vous prions de nous en avertir par simple courriel à direction@ugda.lu en indiquant votre nom et votre adresse. Vous pouvez également y demander de recevoir davantage d'exemplaires ou un abonnement gratuit, et obtenir les tarifs pour l'éventuelle publication d'une annonce commerciale.

Bonne lecture de notre Revue Musicale !

Abonnement / Désabonnement REVUE MUSICALE

Nom et prénom : _____

N° et Rue : _____ Code postal : _____ Localité : _____

❒ ne désire plus recevoir la Revue Musicale

❒ désire recevoir 1 exemplaire de la Revue Musicale à l'adresse ci-avant

❒ désire recevoir _____ exemplaires de la Revue Musicale

à renvoyer à : UNION GRAND-DUC ADOLPHE
3 route d'Arlon, L-8009 STRASSEN
Fax : 47 14 40
Email : direction@ugda.lu

Un grand merci pour la confiance accordée

Gilbert GIRSCH | *Président de l'Union Grand-Duc Adolphe* **www.ugda.lu**

Chers amis,

Au Congrès fédéral du 26 janvier dernier au Conservatoire de la Ville de Luxembourg, le nouveau conseil d'administration a été voté à l'unanimité, les mandats en cours ont été renouvelés pour les trois prochaines années et Marc Thill a été chaleureusement accueilli en tant que deuxième vice-président au sein du bureau exécutif de l'UGDA.

Je me réjouis de la confiance ainsi accordée à notre équipe par ces élections et par l'approbation du programme d'activités et du budget prévisionnel élaborés pour 2020, un cautionnement qui - je l'espère - incitera également de nombreux membres et fidèles de nos associations et de notre fédération à venir soutenir nos activités et notamment les grandes manifestations programmées pour le mois d'avril prochain.

Je vous invite dès à présent à ne pas rater le «Concert d'ouverture du Concours Européen pour Big Bands» qui se déroulera le vendredi 17 avril au Théâtre d'Esch. Interprété par le Luxembourg Jazz Orchestra sous la direction d'Ernie Hammes, ce concert de haut niveau sera rehaussé encore par la participation exceptionnelle de jeunes talents luxembourgeois et des éminents musiciens européens qui composeront le jury international du concours les deux jours suivants.

Les samedi 18 et dimanche 19 avril, c'est le Conservatoire de musique de la Ville d'Esch-sur-Alzette qui accueillera le «Concours Européen pour Big Bands», avec la participation de 17 Big Bands venant de 8 pays différents - dont 4 groupes luxembourgeois – qui promettent de nous offrir de très belles heures musicales à Esch-sur-Alzette. Le concert de clôture et la remise des prix auront lieu au Théâtre d'Esch le dimanche après-midi à partir de 16h30.

Le week-end suivant, du 24 au 26 avril, je vous invite à nous rejoindre au Centre Artikuss à Soleuvre pour assister aux représentations théâtrales réalisées dans le cadre du «Festival de Théâtre» de l'UGDA. Organisé tous les 5 ans à un endroit différent, ce festival a été créé pour offrir une plateforme de rencontre et d'échange à nos troupes de théâtre, mais également pour permettre au public d'assister à plusieurs représentations sur un week-end. Le 24 avril, le public pourra assister à la première de la nouvelle pièce «de Mao an déi Aner» que le célèbre auteur luxembourgeois Marco Schank à offert à l'UGDA pour ce festival et qui sera interprétée par un groupe mixte des troupes théâtrales. Ne ratez surtout pas cet événement !

Deux jours plus tard, le mardi 28 avril 2020, à 20h00, l'UGDA organise le «Grand Concert commémoratif en mémoire de S.A.R. le Grand-Duc Jean» à la Philharmonie pour exprimer sa gratitude à l'égard du Grand-Duc Jean, Haut Protecteur de l'UGDA de 1986 à 2019, mais également pour remercier la Famille Grand-Ducale de son engagement et de sa fidélité depuis 1891, élément fondamental et dynamique de l'essor de notre fédération.

Environ 200 chanteurs, membres d'une dizaine de chorales, formeront les Chœurs d'ouverture du concert, accompagnés à l'orgue par Maurice Clément, avec un programme composé d'œuvres de César Franck, Gabriel Fauré, Jos Kinzé et Albert Leblanc, sous la baguette du jeune chef Andy Loor. La «Schierener Musek» prendra la suite de la première partie sous la baquette de son directeur Roland Schiltz, avec un programme contemporain particulièrement adapté à l'occasion.

Après la pause, la «Fanfare Municipale Luxembourg-Bonnevoie» présentera un programme haut en couleurs, mélangeant des styles de musique symphonique contemporaine, folk et jazz sous la baguette de son chef d'orchestre Romain Kerschen, avec la participation des solistes du Luxembourg Pipe Band aux cornemuses, ainsi que de la sopraniste Simone Martiny.

Je vous invite bien sûr également à assister aux nombreuses manifestations de printemps de nos associations-membres dont vous trouverez les annonces en pages intérieures et auxquelles je souhaite plein succès. Toutes ces associations et leurs bénévoles sont une composante indispensable de notre société sur le plan culturel et social, et il convient de les soutenir activement dans leurs efforts par une présence assidue à leurs manifestations !

Gilbert GIRSCH

Président fédéral

Fédération / Mutuelle / Centre du documentation	3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 46 25 36-1 • Fax : 47 14 40 • Courriel : direction@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h00 • Standard téléphonique : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h30
Ecole de musique	3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 22 05 58-1 • Fax : 22 22 97 • Courriel : ecole@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h00 - 16h30
Ecole de musique du Canton de Clervaux	Montée du Château • B.P. 70 • L-9701 Clervaux • Tél. : 92 96 76-1 • Fax : 92 96 76-76 • Courriel : mcc@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h30 - 16h30

CONSEIL D'ADMINISTRATION

Fonction	Nom et prénom	Adresse	Téléphone privé / GSM	Courriel
Président	GIRSCH Gilbert	4 Rue Eich, L-8354 GARNICH	30 82 22 / 621 25 36 04	gilbertgirsch@hotmail.com
Vice-Président	PETERS Raymond	4 Route du Vin, L-6794 GREVENMACHER	75 83 75 / 621 17 60 88	peters.r@pt.lu
Vice-Président	THILL Marc	21 Rue Schafsstrachen, L-2510 STRASSEN	621 26 35 03	thillmarc@gmail.com
Secrétaire général	KÖLLER Robert	289A Route d'Arlon, L-8011 STRASSEN	621 37 10 84	robko@pt.lu
Trésorier général	HEINEN André	3 Op Der Knupp, L-7432 GOSSELDANGE	621 16 22 29	andre.heinen@fofa.lu
Membre	EBERT Silvia	51 Rue du Baerendall, L-8212 MAMER	691 11 94 94	s.ebert@yahoo.de
Membre	HEINTZEN Joe	14 Rue Th. Bassing, L-9405 VIANDEN	83 45 72 / 661 22 08 52	joheintz@pt.lu
Membre	KETTEL Claudine	10 Rue Scheerbach, L-7625 LAROCHETTE	621 26 78 17	musikant@pt.lu
Membre	KINNEN Jean-Paul	3 A Wokelt, L-8715 EVERLANGE	23 63 91 88 / 621 16 59 46	kinnfam@pt.lu
Membre	KRAMER Susanne	28A Beschmontsbongert, L-7526 MERSCH	23 63 07 03 / 691 48 08 21	besus.kramer@gmail.com
Membre	KRIER Emile	20 Rue des Prés, L-8089 BERTRANGE	691 31 05 56	kriere@pt.lu
Membre	MICHELS Pol	12 Rue St Ulric, L-2651 LUXEMBOURG-GRUND	661 82 35 08	sound-light-vision@live.com
Membre	THILL Danielle	87 Rue de Kleinbettingen, L-8436 STEINFORT	691 39 51 60	danieth@pt.lu

DÉLÉGUÉ DE L'UGDA

Nom et prénom	Adresse	Téléphone privé / GSM	Courriel
BIRGEN Gilbert	6 Rue Guillaume Kremer, L-4999 SCHOUWEILER	37 01 49 / 621 29 43 41	gigubi@pt.lu
DONVEN-ROSSETTI Adèle	30 Rue de l'Usine, L-4490 BELVAUX	621 23 34 17	donvenm@pt.lu
FELLENS Nico	16a Rue Joseph Conrad, L-9908 TROISVIERGES	99 77 41 / 691 30 10 00	nfellens@pt.lu
GOERGEN Francis	17 Rue Michel Rodange, L-4660 DIFFERDANGE	58 95 99 / 621 14 65 44	goefr@yahoo.fr
GRAVIER Maurice	12 Rue des Vergers, F-57570 CATTENOM	+33-3-82 55 46 74 / +33-6-88 81 76 00	maugralise@hotmail.com
HENCKES Guy	6 Rue des Près, L-9907 TROISVIERGES	97 93 27 / 621 26 58 22	guy.henckes@education.lu
HENRION Romain	2 Allée du Carmel, L-1354 LUXEMBOURG	43 84 97	herom@pt.lu
KONTZ Josy	7 Place Sauerwiss, L-2512 LUXEMBOURG	42 52 44	josykontz@gmail.com
KREINTZ Jos	7 Um Klaeppchen, L-5720 ASPELT	23 66 87 15 / 621 24 50 49	jkreintz@pt.lu
KRUMMES-LIST Monique	30 Rue de Steinfort, L-8371 HOBSCHEID	691 66 52 70	krupa@pt.lu
MAMER Robert	11 Bousserwee, L-8818 GREVELS	88 80 01 / 691 70 69 43	rmamer@pt.lu
MICHELS Angèle	12 Rue St Ulric, L-2651 LUXEMBOURG-GRUND	47 19 27 / 661 52 77 74	michels1@pt.lu
OSWEILER Romain	7 Rue de Dickweiler, L-6571 OSWEILER	72 66 23 / 691 91 56 66	romain.osweiler@rosport.lu
RIES Romain	4 Rue Lumière, L-3516 DUDELANGE	51 77 89 / 621 63 73 07	javiejones@pt.lu
ROETTGERS-DE ROND Myriam	12 Rue Paul Dentzer, L-9907 TROISVIERGES	691 64 08 25	myriamderond@yahoo.de
SCHAMMO Jean	66 Rue des Champs, L-7217 HELMSANGE	33 84 12 / 621 74 73 78	jeanscha@pt.lu
SCHANNEL Nico	1 Rue du Château, L-9353 BETTENDORF	661 80 82 14	ocin@pt.lu
SCHROEDER Raymond	18 Um Weiher, L-9805 HOSINGEN	26 91 07 93 / 621 24 42 85	
WAGNER-HEITZ Arlette	114 Cité Paerchen, L-3879 SCHIFFLANGE	54 70 13 / 691 64 38 32	pierrot@internet.lu
ZEIMET-SCHROEDER Monique	6 Rue de la Sapinière, L-5571 REMICH	23 69 87 64 / 661 61 38 08	moniquezeimetschroeder@gmail.com

9. - 12. - 15. Dezember 2019 :

Regionalversammlungen 2019

Rapport

Text : **Robert KÖLLER** | *UGDA Generalsekretär* | Fotoen : **Viviane HEINEN • Claude KRACK**

D'Regionalversammlungen 2019 sinn ofgehale ginn, de 9. Dezember zu Bech am Centre Culturel Hanner Bra, am Kader vum 10. Anniversaire vun der Bech-Berbuerger Musek, den 12. Dezember am Centre Culturel zu Bauschelt, organiséiert vun der Musek Gemeng Bauschelt an de 15. Dezember am CIPA op der Rhum am Stadgronn, am Kader vum 25. Anniversaire vun de Grënnesche Spatzen an dem 140. Anniversaire vum Gesangveräin "La Fraternelle".

Pink Notes - Bech Berbuerger Musek

All Kéiers huet de lokalen Organisateur säi Veräin virgestallt, an duerno huet de Verbandspresident Gilbert Girsch d'Éieregäscht an all present Vertrieder vun de Veräiner begréisst. Present op deenen 3 Versammlunge waren 167 Veräiner (Bech : 49, Bauschelt : 40, Stadgronn : 78) vun 286 Méiglechen. Vun eisen Delegéierte waren op dëse Versammlunge folgend present :
Colling Jacques • Fellens Nico • Goergen Francis • Gravier Maurice • Henrion Romain • Kleman Josée • Kontz Josy • Kreintz Jos • Krummes-List Monique • Mamer Robert • Michels-Unsen Angèle • Osweiler Romain • Roettgers-De Rond Myriam • Schammo Jean • Schannel Nico • Schroeder Raymond • Wagner-Heitz Arlette.

Bech, 9. Dezember 2019, organiséiert vun der Bech-Berbuerger Musek

No dësen Introduktiounen huet de Generalsekretär Rob Köller de Bericht iwwert d'Aktivitéite vum Joer 2019 gemaach. Mir verweise fir den Detail op den ausféierleche Bericht hei an der Broschür. Hien ass e bësse méi am Detail op d'Ëmfro zur vergréisserter Verdeelung vun der Revue Musicale agaangen, déi eng kloer Majoritéit fir esou eng Verdeelung erginn huet mat 85% Pro. Da goung en och op d'Aarbechte vun de Kommissiounen an, déi nees zu enger Rei vun Zukunftsprojete gefouert hunn : e.A. d'Reglement fir de Blosmuseksconcours 2021, d'Konzept fir de Sängerdag 2021.

Domat war en dann och bei der Presentatioun vun den zukünftegen Aktivitéite vun der Federatioun, déi dem Kongress sollen duer geluecht ginn :

- Erweiderung vum Tirage vun der Revue Musicale op 15.000 Exemplare mat Verdeelung un Dokteren, Spideeler, Kinëën, Coifferen, eben do wo d'Leit Zäit an engem Waardesall verbréngen. Fir dat ze finanzéiere ginn dann d'Präisser vun den Annoncë wéi virgesinn erop gesat.
- Dann den Europäesche Big Band Concours, deen enorme Succès huet a 17 Kandidature krut. Dat sinn der méi wéi virgesinn, wat och heescht et gëtt méi deier, mä et wär schued dëse Succès ze beschneiden a verschidde Formatiounen auszeschléissen.
- De Concert «en mémoire» vum Grand-Duc Jean soll den 28. Abrëll 2020 an der Philharmonie, reng op Invitatioun stattfannen. Hei gëtt en Opruff un d'Veräiner gemaach do w.e.g. mat 2 bis 4 Leit present ze sinn.

Fir all weider Aktivitéite verweise mer hei op de Plan d'Action 2020 an de Plan Pluriannuel.

Bauschelt, 12. Dezember 2019, organiséiert vun der Musik Gemeng Bauschelt

De Generalsekretär huet dann och ugekënnegt, dass den aktuelle Büro exécutif, bei de Walen um Kongress, nees als Equipe wäert fir e weidert Mandat kandidéieren, mam Marc Thill fir sech ze vervollstännegen.

Stadgronn, 15. Dezember 2019, organiséiert vun der Chorale Emile Michels "D'Grënnesch Spatzen" an der Chorale La Fraternelle Lëtzebuerg-Gronn

Den Trésorier Général André Heinen mécht dann e kuerze Finanzbericht, aus dem eraus ervir geet, dass d'Federatioun d'Joer mat engem liichte Boni vu ronn 20.000 € wäert ofschléissen. Dëst ass virun allem drop zeréck ze féieren, dass eng hallef Tâche budgetiséiert war, awer eréischt am November mam Maïté Louis besat gouf. Fir 2020 presentéiert hien e Budget mat ronn 140.000 € Defizit. Dofir proposéiert hien dann och fir um Kongress iwwert eng Erhéijung vun de Cotisatioune fir 2020 ofzestëmmen, an zwar de Fixe op 350 € a pro Member eng Erhéijung vun 1 € op 8 €.

Nodeems et zu dëse Berichter a Propositioune keng Froen oder Remarke gouf, konnt dann all Kéiers zum Ofschloss op de Patt an e gudde Maufel invitéiert ginn, dee vun de jeeweilege Gemengen offréiert gouf. Besonnesch interessant en dem Kontext war ze bemierken, dass d'Stad Lëtzebuerg «Cuvée du Bock» offréiert huet, deen an den Terrasse vum Bock Fiels produzéiert gëtt.

Den UGDA-Verwaltungsrot : Claudine Kettel, Robert Köller, Gilbert Girsch, Danielle Thill, André Heinen, Marc Thill, Raymond Peters, Pol Michels, Joe Heintzen.
Et feelen : Silvia Ebert, Emile Krier, Jean-Paul Kinnen, Susanne Kramer

Äre Concert op der Télé? De neie **Partenariat** vun der UGDA an apart TV mecht et méiglech! apart TV ass déi optimal **Plattform** fir Äre Concert ze presentéieren. Am Virfeld hutt Dir d'Méiglechkeet a Form vun engem Interview Äre Concert z'annonceieren. De Concert gëtt **integral** mat 3 Kamera'en opgeholl an op **apart TV** gewisen.

E Souvenir deen herno op enger **DVD** festgehale gëtt an sou och secher net verluergeet. De Präis fir all Member vun der UGDA läit bei **500 EUR** (+TVA). Fir weider Informatiounen schéckt eis eng E-Mail op **info@apart-tv.lu** oder rufft eis um **26 37 44 37** un.

apart TV
lifestyle, business and culture

Union Grand-Duc Adolphe
ugda

Samschdeg, 25. Januar 2020, Casino Syndical, Bouneweg :

50 Joer UGDA-Mutuelle Séance académique

Text : **Robert KÖLLER** | *UGDA Generalsekretär* | Fotoen : **Viviane HEINEN**

Op den Dag genee 50 Joer no der Grënnungsversammlung vun der Mutuelle vun der UGDA am Casino Syndical zu Bouneweg, gouf e feierleche Festakt op der selwechter Plaz ofgehale fir de Succès vun dëse 50 Joer Existenz ze feieren.

Eng ganz Rei vun Éieregäscht konnt de President Gilbert Girsch bei dëser Geleeënheet begréissen, dorënner e.A. :

Marc ANGEL, Europadeputéierten

Abílio FERNANDES MORAIS, Premier Conseiller de Gouvernement am Ministère de la Sécurité sociale

Fabio SECCI, Direkter vun der CMCM

Christian SCHUMACHER, President an de Pierre BACK, Vize-President vun der FNML

Steve BALANCE, Directeur adjoint an den Olivier GENGLER, Attaché vun der LaLux

Maurice BAUER, Schäffen vun der Stad Lëtzebuerg

Georges MERENZ, President an de Guy Greivelding vum FNCTTFEL Landesverband

Patrick DURY, Nationalpresident vum LCGB

Jacques SANTER, Éierepresident vun der UGDA

Robert WEYLAND a Martine DEPREZ, Honorarpresidenten vun der UGDA a vun der UGDA-Mutuelle

Gilbert BIRGEN, Honorar-Generalsekretär vun der UGDA a vun der UGDA-Mutuelle

Vertrieder vun de Mutuellen, d'Memberen aus dem Verwaltungsrot vun der UGDA an der UGDA-Mutuelle, d'Delegéierte vun der UGDA an d'Vertrieder vun de Veräiner.

De Sekretär Rob Köller huet no der Begréissung dunn e klëngen Historique vun der Mutuelle gemaach. Hien huet aus den Dokumenter aus de deemoleger Zäit a Gespréicher mat Zäitzeien erausgeschielt, dass d'Iddi di vum deemolege President Victor Abens net onëmstridde war. Fir den éisleker Deputéierten, war nämlech d'Grënnung vun engem Hëllefsveräi bei der UGDA, net nëmmen e Moyen fir Musikanten a Sänger bei hiren Aktivitéite fir wéineg Geld ze versécheren, mä och fir der éisleker Bevëlkerung eng Méiglechkeet ze ginn Accès op d'Zerwisser vun der CMCM ze kréien. Dat war jo ouni Memberschaft an enger Mutuelle, dären et der am Éislek kaum gëtt, net méiglech. Um Enn huet de Victor Abens sech, dank och der Mathëllef vu gudde Matstreider, duerchgesat, an d'Mutuelle vun der UGDA gouf de 25 Januar 1970 mat 48 Gesellschafte gegrënnt. D'Zuel vun de Memberen ass relativ konstant bliwwen, bis 1982 d'Kaskoversécherung op den Instrumenter an den Autoen agefouert gouf. 10 Joer duerno war bal all Veräi vun der UGDA och Member an der Mutuelle, a vill Veräiner sinn der UGDA bäigetruede fir an de Genoss vun dësen Zerwisser ze kommen. Als Resultat ass haut bal all Museksveräin zu Lëtzebuerg Member an der UGDA.

No engem musikaleschen Intermezzo vun der Verbandsmusek ënnert der Direktioun vum Ralph Massard, war et dunn um President vun der FNML Christian Schumacher fir der UGDA Mutuelle d'Gléckwënsch vun der nationaler Federatioun z'iwwerbréngen. Hien huet besonnesch drop higewisen, dass d'UGDA sech net nëmme fir hir eege Memberen agesat huet, mä och zanter Joerzéngte mat hire Leit an de Gremie vun der Federatioun, der CMCM an dem Conseil Supérieur des Mutuelles, fir all Mutualisten am Land aktiv matschafft. Dofir dréckt hien e spezielle Merci aus.

Den Direkter vun der CMC Fabio Secci geet dann a senger Ried besonnesch op de Volet vum Bénévolat am Kader vun de Mutuellen an, an de Fakt, dass all Mutuellen ouni Gewënnzweck schaffen, well se Memberen hunn, an net Aktionnairen.

No engem weideren Intermezzo

vun der Verbandsmusek, ass et dann um Här Steve Balance vun der LaLux, als Versécherungspartner vun der UGDA op déi speziell Bezéiunge mat der Mutuelle anzegoen. Hie weist drop hin, dass LaLux wuel muss un hir Aktionnairen denken, mä awer och d'Zefriddenheet vun hire Clienten. Dofir wären iwwert d'Joren d'Prestatiounen ëmmer weider ausgebaut ginn, an der Rumm vun den disponibele finanzielle Mëttelen.

Den Ofschloss vun de Riedner hunn dann den Här Abilio Fernandes als Vetrieder vum Minister Romain Schneider an de Schäffe Maurice Bauer vun der Stad Lëtzebuerg gemaach, fir dem Jubilar hir Gléckwënsch z'iwwerbréngen.

All Gaascht krut um Enn eng Sériegrafie, déi vum Gilbert Birgen gemoolt an handsignéiert gouf, an eng speziell Fläsch Crémant mat enger Etikett fir 50 Joer Mutuelle als Souvenir.

Der FNCTTFEL an hirer Harmonie soe mer Merci, dass si eis de Sall gestallt hunn a fir d'musikalesch Begleedung vun dësem Festakt.



Sonndeg, 26. Januar 2020, Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :

50. Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle – Rapport

Text : **Robert KÖLLER** | *UGDA Generalsekretär* | Fotoen : **Viviane HEINEN**

Pünktlech em véierel op 9 konnt de President Gilbert Girsch de Kongress mat der Begréissung vun den Éieregäscht opmaachen. Present waren hei e.A. de President vun der Federatioun vun de Mutuellen, Christian Schumacher, an de Sekretär vun der CMCM, de Nico Düsseldorf. Der Big Band Memory gouf Merci gesot fir déi flott Aleedung virun der Ouverture vum Kongress.

Gläich am Ufank huet de President du missen de Memberen den Ausschloss vun der Chorale „The Diols“ proposéieren. Trotz méifache Rappeller hunn si net reagéiert, an hir Cotisatioune fir 2019 net bezuelt. Dës Propositioun gouf mat alle Stëmmen, ausser enger, guttgeheescht.

Et war duerno um Generalsekretär Rob Köller fir de Rapport vum vergaangene Joer ze maachen.

Déi 49. Generalversammlung war de 27. Januar 2019, ënner der Presidence vum Martine Deprez. An engem Volet «extraordinaire» goufen e puer Statutenännerungen ugeholl, déi engersäits eng duerchgehend gläich bleiwend Terminologie duerchsetzen, an anerersäits sech un déi nei Statute vun der Federatioun upassen. Duerno goufen an der AGO d'Aktivitéiten 2018 presentéiert.

2019 war e Joer wat schonns ganz am Zeeche vun de Virbereedunge vum 50ten Anniversaire vun eiser Mutuelle stoung, dee mat enger Séance académique de 25. Januar 2020 am Casino zu Bouneweg gefeiert gouf. De Comité huet sech dofir am Laf vum Joer 6 mol gesinn, an et gouf do festgehalen eng Serigraphie an eng speziell Cuvée Crémant vun der Vinsmoselle fir de 50. Anniversaire eraus ze ginn.

Zwee vun eise Leit sëtzen dann nach an anere wichtege Gremien, an zwar den André Heinen am Conseil d'administration vun der CMCM, an de Rob Köller ass Trésorier Général vun der Federatioun vun de Mutuellen, der FNML.

Bei der Stierfkeess huet eis Mutuelle 43 mol Stierfgeld un d'Famill ausbezuelt, wann ee vun eise Membere gestuerwen ass, wat en Total vun 21.527 € ausmécht. De Fonds de Secours huet 75 € ausbezuelt fir Schied déi net direkt vun der Assurance gedeckt waren. Bei de Sinistere goufen et am Joer 2019 folgend Situatioune bei deenen d'Assurance fir de Schued opkomm ass :

Haftflicht : 6 mol, Accidenter mat Kierperschued : 6 mol, Schued un den Instrumenter : 72 mol, Assurance fir elektroneschen Equipementer : 1 mol, Kasko op den Autoen : 38 mol.

Bei de Memberszuele gouf festgestallt, dass mer e liichte Réckgang hunn wat dorops zréck ze féieren ass, dass sech e puer Gesellschaften opgeléist hunn. Insgesamt mécht dat eng ronn 100 Membere manner wéi dat Joer virdrun aus.

Duerno huet den Tresorier André Heinen de Finanzbericht fir d'Joer 2019 presentéiert. Dëse gouf nom Bericht vun de Keeserevisoren eestëmmeg vun der Versammlung ugeholl.

Déi nei Tariffer an den Tablo vun de Leeschtunge fir 2020 goufen och eestëmmeg ugeholl.

Well Waljoer ass, war de ganze Comité austriedend. 4 Leit hu missen direkt gewielt ginn op der Versammlung. De Raymond Schroeder huet aus Altersgrënn keng Kandidatur méi gestallt. Domat gouf et da 4 Kandidate fir déi 4 Posten : Gaby Cordier, John Lehnert, Jean-Pierre Reuter an als nei Kandidat de Pol Michels. Déi 4 goufen ouni Géigestëmm vun der Versammlung ugeholl.

3 nei Keeserevisore goufen och eestëmmeg guttgeheescht, an zwar Adèle Donven-Rossetti, Norbert Steinmetz an Arlette Wagner-Heitz.

Zum Ofschloss vun der Versammlung gouf de Raymond Schroeder dann nach fir säi laangjäregen Asaz, als Keeserevisor vun 1983 bis 1998, als Member vum Mutuelle-Verwaltungsrot vun 1998 bis 2005 a vun 2005 un als Vize-President vun der Mutuelle geéiert, a krut den Titel „Vice-Président Honoraire“ vun der UGDA Mutuelle, an e klenge Kaddo als Merci.

VOS VACANCES SANS SOUCIS

GRÂCE À LA CMCM. VOTRE MUTUELLE SANTÉ.

Un tarif unique pour toute la famille

Grâce à la CMCM, vous et votre famille serez couverts dans tous les cas et partout dans le monde. En cas d'accident ou de maladie à l'étranger, vos frais hospitaliers et honoraires médicaux seront pris en charge. Les transports médicalisés, ainsi que le rapatriement, sont couverts sans limite. L'annulation voyage est également incluse. Autant de raisons pour ne pas partir en vacances sans votre carte CMCM.

Plus d'informations sur : **www.cmcm.lu**

Do, wann Dir eis braucht.

Follow us cmcm_luxembourg @cmcm_lu cmcm_lu

CMCM
VOTRE MUTUELLE SANTÉ
DEPUIS 1956

Sonndeg, 26. Januar 2020, Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :

157. UGDA Kongress

Rapport

Text : **Robert KÖLLER** | *UGDA Generalsekretär* | Fotoen : **Viviane HEINEN**

No enger musikalescher Intro gespillt vun der Big Band Memory, huet de President Gilbert Girsch de Kongress opgemaach, mat der Begréissung vun den Éieregäscht.

Entschëllegt huet hien d'Kulturministesch Sam Tanson, déi wéinst aneren Engagementer huet missen ofsoen, den Educatiounsminister Claude Meisch, dee wéinst den Diplomiwwerreechunge bei de Meeschterprüfunge méi spéit sollt kommen, an d'Kulturschäffe vun der Stad Lëtzebuerg Simone Beissel, déi krankeetshalwer huet missen ofsoen.

Hien huet d'Versammlung gebieden sech kuerz z'erhiewe fir deene Memberen ze gedenken déi eis am Laf vum Joer verlooss hunn, dorënner den Eugène Bley, de René Hemmer an de Claude Christnach.

No dëser Gedenkminutt, ass de President du kuerz op d'Wale fir den UGDA-Verwaltungsrot agaangen. Well fir op all Posten am Bureau exécutif nëmmen 1 Kandidat ass, a fir de Comité och nach 2 Posten onbesat bleiwen, esou wéi och schonns op de Regionalversammlunge virgestallt, proposéiert hien der Versammlung fir e „Vote à main levée" ze maachen. Dës Propositioun gëtt „à l'unanimité" ugeholl. Domat ass dann eng Zesummestellung vun engem Walbüro net néideg.

De President freet dann op et Awänn zu de Kandidature gëtt – ouni Wuertmeldung. Mat dem „Vote a main levée", gëtt dann de ganze Comité, ouni Géigestëmm an ouni Enthalung ugeholl.

Ugeholl ginn och d'Kandidature vu John Dusseldorf, Alain Kugener, André Schott an Norbert Steinmetz fir de Conseil d'Arbitrage.

Noesen Emile, Schott André a Norbert Steinmetz ginn als Keeserevisore fir déi 3 nächst Joere bestätegt.

De nächste Punkt ass dann den Ausschloss oder d'Ophuele vu Veräiner. Hei steet just den Ausschloss vum Chouer „The Diols" un, dee beim Verband seng Cotisatioune grad esou wéineg bezuelt huet wéi bei der Mutuelle. Dëse Virschlag gëtt da vun der Versammlung ugeholl.

Duerno presentéiert de Generalsekretär den ***Aktivitéitsbericht vum Joer 2019***.

De 27 Januar huet de **Kongress**, wéi gewinnt am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg stattfonnt. D'Presidentin Martine Deprez huet hei nach eng Kéier d'Grënn fir hir Demissioun erkläert, an du proposéiert, dass de Rescht vum Bureau exécutif d'Geschäfter vun der UGDA fir 1 Joer weiderféiert, ënnert der Presidence vum Gilbert Girsch. Dës Propositioun gouf dann och vum Kongress "à l'unanimité" ugeholl. No de Rapporten iwwert d'Aktivitéiten an d'Finanzen, gouf d'Martine Deprez mam Titel vum "Président Honoraire" geéiert, a vum Robert Weiland am Club vun de fréiere Presidente vun der UGDA wëllkomm geheescht.

Zwee weider Leit goufe bei dëser Geleeënheet och geéiert fir hiren Asaz am Déngscht vun der Musek, national, regional an international : de Marc Meyers, Direkter vum Stater Conservatoire, an den Ewald Tonner aus dem Kreismusikverband Bernkastel-Wittlich, fir säin Asaz bei der Union Musicale Interregionale a beim Europäesche Jugend Orchester.

Duerno war et un der neier Kulturministerin Sam Tanson, fir sech bei de Veräiner virzestellen. Si huet agaangs erkläert, wéi si als Kand an der Bouneweger Musek geléiert huet Saxophon ze spillen, mä och wéi vill bei esou engem Veräi vu Benevole geleescht gëtt, a wéi wichteg dës Aarbecht ass. Dat wëllt si dann och an hirem Wierken als Minister net vergiessen a gäre mat dru schaffe fir Brécken tëschent de Veräiner an den

Institutiounen ze bauen, fir en aktiivt kulturellt Liewen an den Uertschaften z'erhalen.

No weideren Interventioune vum Éierepresident Jacques Santer an der Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg, gouf de Kongress ofgeschloss mat dem traditionelle Patt.

Musikalesch ënnermoolt gouf de Kongress vun den Trompes de Chasse St. Hubert.

De 15. Juni war eis **Journée des Jeunes**, déi am Kader vum 25. Anniversaire vun de Grënnesche Spatzen an der Abtei Neumünster stattfonnt huet.

Den **UGDA-Museksdag**, de 16. Juni, dee wéi ëmmer am Kader vun der Fête de la Musique op der Plëss ofgehale ginn ass, hat och dëst Joer, mat 10 Veräiner nees e groussen Erfolleg.

Den 18. Juni goufen am Centre ArcA zu Bartreng d'**Regierungsmedaillen a Verbandsauszeechnungen** an d'Präisser vun «**Sociétés à l'étranger**» verdeelt. D'Kulturministesch Sam Tanson war present fir dës Éierung. An dem Kader gouf och de Marco Battistella ausgezeechent mat dem Officier dans l'Ordre Européen du Mérite Musical an de Raymond Schroeder an de Marc Treinen kruten d'Éireplaquette vun der UGDA iwwerreecht. Musikalesch gouf dës Zeremonie vum Ensembel "Jazz Lives", dee Lauréat vum Concours "Take 2 to 6" war, verschéinert.

Op der **Militär Parade um Nationalfeierdag**, hunn dëst Joer d'Museken aus der Gemeng Suessem d'UGDA representéiert, also Bieles, Éilereng, Suessem a Zolwer.

De Rendez-vous Mandolines et Guitares ass den 30. Juni zu Rëmeleng ofgehale ginn. D'Organisatioun op der Plaz hat de Cercle des Mandolinistes Téiteng.

Mir hu beim **Escher Kulturlaf** mat gehollef eng 20 Veräiner ze vermëttelen, déi do de 7. September fir Animatioun laanscht d'Stréck gesuergt hunn.

Am Hierscht, Sonndes den 10. November war dann de **Concours Jeunes Solistes**, un dem nees eng Ronn 140 Jonker, Schüler aus alle Conservatoiren a Museksschoulen aus dem Land, an zum Deel aus dem Ausland matgemaach hunn. Gläichzäiteg war déi dësjäreg Sessioun vum **EUYWO**, dem Europäesche Jugend-Blosorchester ënnert der Direktioun vum Jan Cober, deen op der Präisverdeelung vum Concours Jeunes Solistes e grandiose Concert ofgeliwwert huet.

Comitésaarbecht : de Büro Exécutif, deen och Verwaltungsrot vun der Museksschoul ass, gesäit sech am Prinzip eemol all Woch, de Conseil d'administration vun der UGDA all Mount ausser am August, dovu 4 mol mat den Delegéierten. De Conseil d'administration vun der Mutuelle war 6 mol zesumme komm an de Conseil d'arbitrage huet net missen aberuff ginn.

Donieft goufen 19 Sitzungen ofgehale mat Aarbechtsgruppen an deenen zukünfteg Manifestatiounen diskutéiert gi sinn : De Sängerdag 2021, de Concours fir HaFa 2021 zu Wëntger, d'Participatioun un der Folkloriada, awer och z.B. Problemer mat GDPR an Droits d'auteur. Hei ass notamment e Projet op de Wee bruecht gi fir no enger Rechtschutzversëcherung fir eis Memberen ze kucken.

Comitésmemberen an d'Delegéierte ginn op Invitatioun eraus bei d'Veräiner fir d'Federatioun ze representéieren. Iwwer 540 där Invitatioune sinn erakomm, bei 386 ware mer present, a bei dëse Geleeënheete sinn 1.145 Musikanten, Sänger, Dänzer, Theaterspiller a Comitésmembere mat enger Auszeechnung geéiert ginn.

D'**Revue Musicale** ass 4 mol erauskomm mat jeeweils 80 oder 96 Säiten.

Vill Aktivitéit gouf et och bei der **Museksschoul**, an där dëst Joer iwwer 5.700 Schüler ageschriwwe sinn. Nieft de Kueren, goufen et wéi ëmmer vill Stagen an Zesummenaarbecht mam SNJ, an de Beräicher Blosmusek a Perkussioun, mä awer och Danz, Theater a Musical. Highlights sinn d'Stagen a Concerte vum **NYWOL**, eisem Nationale Jugendorchester, an natierlech de Concours Jeunes Solistes, mat de Concerte vun de Laureate vun deene Jore virdrun, déi nees op ganz héijem solisteschen Niveau waren.

Fir déi Jonk, di dobäi ware war natierlech d'Tournée vum NYWOL an de Kanada an an den USA den Héichpunkt vun der Saison, fir deen se vill geprouft hunn, an sech selwer an hire Publikum mat exzellente Prestatioune belount hunn.

Den Tresorier André Heinen presentéiert dann de ***Finanzbericht***, dee mat engem liichte Plus vu ronn 20.000 € ofschléisst. De Norbert Steinmetz huet als Spriecher fir d'Keeserevisoren dem Tresorier eng gutt a korrekt Féierung vun de Konnte bestätegt. Domat konnt d'Versammlung dann och dem Tresorier Entlaaschtung ginn.

De ***Programm fir 2020*** gouf presentéiert, wou sech a ganz Rei vu Manifestatiounen op den Abrëll konzentréieren :

- Theaterfestival am Artikuss zu Zolwer
- Concours européen fir Big Bands zu Esch
- Concert en mémoire vum Grand-Duc Jean an der Philharmonie

Wichteg awer och, dass eng Ausweidung vun der Verdeelung vun der Revue Musicale virgesinn ass, an zwar op Plaze wou Léit a Wartesäll setzen : Spideeler, Dokteren, Coiffer, asw. fir esou eis Manifestatiounen engem gréissere Publikum bekannt ze maachen. Dat bréngt awer och eng Erhéijung vun 30% vun den Annoncentariffer mat sech, fir dëst ze finanzéieren.

De ***Budget fir 2020*** weist dann och e kräftegen Defizit aus, bedéngt duerch déi vill Organisatiounen, de Succès vum Concours fir Big Bands bei dem 17 Ensembelen ageschriwwe sinn, an awer och well 2020 ganz vill Veräiner en Anniversaire feieren. Doriwwer eraus sinn d'Subside fir esou Feieren ugepasst ginn, esou wéi och d'Montante bei de Concerts d'Honneur. Den Tresorier kënnegt esou emol e previsionnelen Defizit vun 120.000 € un, deen awer bei der ablécklecher Situatioun vun de Reserve komplett ofgedeckt ass. Allerdéngs proposéiert hien och, wéi op de Regionalversammlungen annoncéiert, eng Erhéijung vun de Cotisatioune vu 7 op 8 € fir all Member a vun 320 op 350 € fir de Festbetrag.

Béid Projeten, de Plan d'action an de Budget fir 2020 ginn dann esou vun der Versammlung eestëmmeg gutt geheescht.

De Generalsekretär huet dann och nach de ***Plang fir déi kommend Jore*** virgestallt, 2021 mat dem Concours fir Blosorchester zu Wëntger an dem Sängerdag zu Réimech, 2022 mat dem Internationale Concours fir Blosorchester an 2023 mat de nächste Wale fir de Comité.

Uschléissend un dëse Programm huet hien d'Haaptpunkte vum Reglement fir de Concours fir 2021 nach eng Kéier virgestallt : Dëse Concours fir Harmonie a Fanfare soll an all Divisioune stattfannen. E gëtt ausgeschriwwen um Niveau vun der Groussregioun, an Zesummenaarbecht mat de Member-Federatioune vun der UMI. Et gëtt keng Geldpräisser, mee Consommatiounsbonge fir all Participant, fir op der Plaz auszeginn. Et gëtt eng Aschreiwungstaxe vun 250 € gefrot, vun där 100 € remboursabel si wann den Orchester effektiv um Concours untrëtt. Den Imposé, geschriwwe vu Lëtzebuerger Komponisten, gëtt vun der UGDA zur Verfügung gestallt.

Dëst Reglement gouf ouni Géigestëmm ugeholl a kann elo publizéiert ginn.

3 Veräiner kruten dunn eng Flätsch un hire Fändel gebonnen, fir hiren 100sten Anniversaire ze feieren, an zwar d'Garnecher Musek, d'Chorale Ste Cécile Männerchouer Neiduerf-Weimeschhaff an d'Harmonie Habscht.

D'Josée Kleman an de Jacques Colling hu Merci gesot kritt fir hir laangjäreg Mataarbecht als Delegéierte vun der UGDA, e Poste fir deen si am Dezember net méi kandidéiert haten.

Du war um Éierepresident Jacques Santer fir dem Kongress seng Reflexioune matzedeelen. Hien luewt de rouegen Oflaf vun dëser Veranstaltung, an dass d'Versammlung dem neie Comité vollt Vertraue ginn huet.

De Minister fir Educatioun Claude Meisch, dee mëttlerweil agetraff war, huet dunn eng Usprooch gemaach, an där hien d'Projete vun der Regierung skizzéiert huet wat d'Reorganisatioun vum Museksunterrecht betrëfft, an d'Erneierung iwwert d'Gesetz iwwert den Enseignement Musical vun 1998. Ziel wär et eng musikalesch Grondausbildung, déi fir hie perséinlech onbedéngt e feste Bestanddeel vun all valabeler humanistescher Bildung wär, fir all Kand hei am Land gratis unzebidden. Hie wär sech bewosst, dass bei de Modalitéiten an der Ëmsetzung nach esou munneche Widderstand z'iwwerwanne wär. Dofir wär hien ëmsou méi frou an der UGDA an hire Veräiner Partner fonnt hunn, déi bereet wären dëse Wee z'ënnerstëtzen, an eng Chance fir sech dran ze gesinn.

De Schäffe Maurice Bauer vun der Stad Lëtzebuerg huet als läschte Riedner vum Dag der UGDA weiderhi vill Erfolleg gewënscht, an ënnerstrach wéi wichteg hir Veräiner fir d'Liewen an de Quartiere vun der Stad sinn. Hien huet dann op der Éierewäin invitéiert, deen d'Stad Lëtzebuerg traditionell nom Kongress offréiert.

Zum Ofschloss huet d'Big Band Memory, ënnert der Direktioun vum Romain Ries mat nach 3 Stécker hiren exzellenten Niveau ënnerstrach, éier dunn mat dem Sange vun der Hémecht de Kongress zougemaach gouf.

UGDA-Verwaltungsrot 2020 mat dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend (v.l.n.r) : Marc Thill - Vizepresident, Robert Köller - Generalsekretär, Emile Krier - Member, Jean-Paul Kinnen - Member, Gilbert Girsch - Verbandspresident, Danielle Thill - Member, Susanne Kramer - Member, Claudine Kettel - Member, Silvia Ebert - Member, André Heinen, Tresorier, Raymond Peters - Vizepresident, Joe Heintzen - Member, Claude Meisch - Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE).
Et feelt : Pol Michels - Member

D'UGDA-Delegéierten (v.l.n.r.) : Kontz Josy, Michels-Unsen Angèle, Ries Romain, Krummes-List Monique, Donven-Rossetti Adèle, Mamer Robert, Roettgers-De Rond Myriam, Goergen Francis, Henrion Romain, Wagner-Heitz Arlette, Schammo Jean, Schroeder Raymond, Fellens Nico, Birgen Gilbert, Henckes Guy, Zeimet-Schroeder Monique, Kreintz Jos. Et feelen : Gravier Maurice, Osweiler Romain, Schannel Nico

UGDA – Angebot Musikmesse 2020

Kostenlose Eintrittskarten für UGDA-Mitglieder vom 1. bis 4. April 2020

Busreise nach Frankfurt am 4. April mit Voyages Vandivinit

Sehr geehrtes UGDA-Mitglied,

die Musikmesse in Frankfurt am Main ist Ihnen, als Musikliebhaber, zweifelsohne bekannt. Diese internationale Messe bietet ein sehr umfangreiches Angebot an akustischen Instrumenten, Klavieren, Keyboards, Noten, Audio/Video/Recording und DJ-Zubehör, Schlagwerk, Gitarren und Verstärker, usw… für jeden Geschmack!

Dank der UGDA genießen Sie bei Ihrem Messebesuch folgendes Angebot:

1. TICKETS:

Beantragen Sie Ihre kostenlose Eintrittskarte per E-Mail: **kristof.nelis@messefrankfurt.be** mit Betreff ***"Kostenloses Tagesticket MM – UGDA"***. **Dieses Ticket ist am Messetag Ihrer Wahl gültig** und wird Ihnen per E-Mail zugeschickt.

2. Sie beteiligen sich am 4. April an der GRUPPENREISE mit VOYAGES VANDIVINIT:

Bitte melden Sie sich für die Reservierung Ihrer Busreise bei www.vandivinit.lu (Tel.: 23 66 83 41 1). Ihre **Eintrittskarte** für die Musikmesse ist im Angebot **einbegriffen**.

Abreisezeiten:	Hinreise:	Rückreise:
